Kayl 30.8.64 I

Dir Dammen an Dir Hären,

Frenn a Bekannten,

Le'w Komerodinnen a Komeroden,

Erlâbt mir als Nationalpräsident am Numm vun mengen Komeroden aus dem Federationscomité an an mengem égenen Numm iech alleguer e wärmste Merci ze soen fir är gro'ss Bedélegung un onser heuteger Journée Commémorative. En oprichtigen an dé'fste Merci fir är gro'ss Participation un desem Kortég. Dir hut domadden är Komeroden aus den affilie'erten Zentrakomitéen net enttäuscht, mä au contraire sie an hirem Striewen a Schaffe gestärkt an sie begéschtert op dem Wé virun ze fueren dén mir bis haut ageschloen hun.

Mir hun virun e puer Me'nt eng weider Etappe an der Réalisation vun onser Problémer ofgeschloss. Dén En mengt vleicht mir wären schlecht iwert Zielband komm, dén Aneren ass begéschtert. Mir vum Zentralkomité sinn zefridden. Ons Gégner können op jidder Fall net triomphe'eren; ons Opspleckung oder wât sie nach le'wer gesinn hätten onsen Ennergang ass aus bliwen. Ech mengen ons Memberen hun haut erem eng Ke'er bewisen dass sie nach wie vor bei der Stâng sinn. An och ons Organisationen selwer hun an dénen leschten Me'nt bewisen dass sie sech och op glâtem Terrain zu recht fannen.

Eng weider Tatsach ass de', dass ons Organisationen net me' aus dem öffentleche Liewen hei an onsem Land eweg ze denken sinn.

Mir waren ons konsequent bis haut.

~~hun dat réalise'ert wat mir viraus gesot hun.~~

Mir stinn och net me' dô,wo' mir virun en an zwé Joer stungen.

Mir hun an dénen vergangenen Wahlen onst Wuert matt geschwät. D'Resultater sinn net aus bliwen a mir hoffen dass de' allernächst Zukunft och hir Friechten droen därft.

Am Regierungsprogramm vun der neier Regierung stét:

" les deux partis sont d'accord pour doter les enrôlés de force d'un statut légal les définissant comme victimes du nazisme et éliminant d'éventuelles discriminations avec d'autres victimes patriotiques".

Mir kruten no den Wahlen, ech beto'nen et hei, no den Wahlen, an der Chamber un onse Parteien Zo'secherungen gemât.

Et ass elo un ons dofir ze suergen dass sie net vergiess ginn an dass sie eso se'er we' me'glech réalise'ert ginn. An virun allem dass sie virun den nächsten Wahlen réalise'ert ginn.

Och ons Aussichten op internationalem Plang sinn besser ginn. Ech erenneren un ons Aktion an Entrevue beim Besuch vum deitschen Bundeskanzler Erhard. Och hien brauchen mir nemmen un seng Zo'secherungen z'errenneren. An ömmer erem bei all Gelégenheit drop hin ze weisen dass dén Problém vun den Zwangsrekrute'erten muss gele'sst ginn.

Och ons international Féderation blo'w am vergângenen Joer net inactif. Den internationalen Mémoire iwert d'Zwangsrekrutierung am zwéte Weltkrich ass ferdeg ausgeschafft an an onser internationaler Konferenz geschter Owend hun mir de' weider Schrött festgeluecht fir an onsen drei Länner, Frankreich, Belgien an Letzeburg de ne'deg Schrött ze ennerhuelen dass Verhandlungen iwer d'Liquidation vum Zwangsrekrutiertenproblém an d'Wé geléit könne ginn.

Wât ons nach me' Suerge mecht ass dass mir leider an onsem Land nach ömmer Leit hun de' per Force wöllen un un onser Haltung am Krich zweiwelen, an ech soen, net nemmen zweiwelen, mä eso' guer ze condamne'ren. Et tröfft ons hart wann emmer erem a wann och nemmen vun enger klenger Minorite't et ass, wann d'Undenken un ons englecklech Komeroden de' net me' hém ko'men ugegraff gött.

An ass et net gleich onverständlech wann de Président vun der Amicale vun Dachau an senger Ried vum 19.Joersdâg vun der Liberation zu Befort fogend Wierder gebraucht huet:

"il incombe donc à présent à tous les déportés et tous les occupants des différents camps de concentrations et spécialement à vous tous, les anciens de Dachau de se regrouper pour contrecarrer les velléités, les désirs de tous ceux qui s'intitulent les enrôlés de force."

Mã mir froen ons wât färten dach ons Kazdler vun ons Zwangsrekrute'ert. Mir hun nach nie hir Revendikationen beanstandet, mir hun nach nie hir E'er attake'ert an mir hun virun allem ons nach nie öm hir Sâchen bekömmert.

A wann dén Här, ausdrecklech beto'nt dass hien Président vum Ordre de la Résistance ass, an senger Ried weider behâpt:

" mais comme ces manifestations deviennent de plus en plus spectaculaires et violentes, il est grandement temps que l'esprit de la résistance réveille et prenne ouvertement parti à l'encontre de ces revendications saugrenues qui en fin de compte veulent faire attribuer une médaille de reconnaissance à tous leus membres".

Dann froen mir ons op dén Président eso' schlecht informe'ert ass oder op et einfach schlechte Wöllen ass.

Mir hun nach nie eng Medaille fir ons verlângt an verlângen och keng. Mir sinn iwerzégt dass mir ons Pflicht am Krich égal wo' mir stungen gemât hun an mir lâssen och net zo' dass des Haltung kritize'ert gëtt. An onsem Projet du Statut eng Medaille de Reconnaissance virgesinn âwer net fir ons au contraire mir hätten gären dass onse Staat also ons Hémecht de' Leit de' onse Jongen am Krich geholfef hun öffentlech merci sét fir dât wât sie gemât hun. Et ass also just fir de' Leit de' sech am Krich fir ons egaffert hun de' ons gehollef hun iwert d'Grenz kommen de' ons gehollef hun zenieren an de' ons hei verstoppt hun de' fir ons vleicht an d'Kazett gâng sinn an gestuerwen sinn dass ons Hémecht öffentlech soll dénen Leit en Dank eusspriechen.

Mir hun onst vis à vis vun dénen Leit schons gemât. Mä mir sinn der Ménung dass och onse Staat endlech döss Schold muss ofdroen. Mir wössen we' schwe'er et war am Kric Krich ons Jongen enner Dâg brengen a mir können dofir net verstoen dass et haut Leit gött de' behâpten mir hätten ons können alleguer der deitscher Uniform entze'en. Ech froe mech wo' waren dann iwerhâpt de' Leit am Krich. Waren sie iwerhâpt hei an onsem Land hun sie iwerhâpt de' Angscht an de' Situationen kannt so' we' se hei wôren. Et leit mit feren hei der Residenz e Reproch ze mâchen. Au contraire mir alleguerten mir sinn der Resistenz zo de'wem Dank verpflicht. An ech gléwen och kaum dass jé en Jong dât vergesset göst. Mä wivill Jongen wann se op Urlaub komm sinn a vleicht emol net wossten un wien se sech hätte solle richten, an wann se och nach én fond hâten dén him even-

V

tuell hätt könne virun höllefen dann huet en gesôt kritt et gét net, sie hun keng plâtzen me', et ass dese Moment ze gefe'erlech fir iwert d'Grenzen ze goen, mir hun kén Pass mir hun keng Verstopp me' an dann ass den Jong erem gângen. A wo' ass dén dén haut dém Jong de Stén wollt werfen. We' gesot mir op jidde Fall mâchen onse Leit dé' ons gehollef hun oder wollten höllefen kén Reproch. Awer ech fannen et awer och onfair dass sech dann Leit fannen de' ons wöllen Reprochen mâchen. An ech widerhuelen nach eng Ke'er, wössen de' Leit we' et iwerhâpt am Krich hei war. Wössen de' Leit we' et zu Niderkuer an an der Emge'gend geziddert ass ginn, we' est op eng Ke'er gehéscht huet den Hondsbösch d'Galerie ass verroden an we' et gegöllt huet an enger Nuecht 100 Jongen ze verstoppen. Kennen de' de' haut eso gro'ss te'nen all de' Schwierigkéiten de' démols bestungen. Et ass och virwât et fir ons e gro'ssen Tro'scht ass dass de' Leit de' ons tatsächlech am Krich gehollef hun de' tatsächlech am Krich matt ons zu Letzeburg gebangert hun net am Stech geloss hun au contraire dass de' nach we' vor alleguerten zu ons stinn an matt ons durch Döck an Dönn ginn.

An mir alleguerten sinn och dese Leit dankbar an mir wöllen och eso' lang we' mir liewen ons dénen Leit vis à vis erkenntlech weisen. Alle Leit! net nemmen dénen dé am Krich geholleff mais och dé, dé Courage hun, och haut nach sech fir ons änzesetzen ~~An och well et schon ne'deg ass och no baussen an no alle Richtungen proklame'ren.~~ Bei onser leschter Journée Commémorative zu Letzeburg hun mir onsem Här E'représident Den Här Professer Oster onse Ruban en Or des Enrôlés de Force iwerrécht. Och dösst Joer wölle mir vun deser Gelégenheet profite'ren fir weider verschidde Leit an aller Oeffentlechkét onse Merci auszespriechen. Ech wés dass de' Leit et net dofir gemacht hun. Ech wés dass wann

mir sie virdrun gefrot hätten dierfe mir dann dat machen, dass sie ons geäntwert hätten mit hun dât net dofir gemacht An trotzdem wölle mir we' ech schon ugangs gesot hun an aller Oeffentlechkét onsen Dank alle Dénen ausspriechen de' net ~~am~~ nennen Krich ~~an~~ mais och spéziell och net nom Krich gezöckt hun fir sech fir hir Enrôlés de Force anzesetzen.

Am vergangenen Joer hun mir e gro'ssen Punkt vun onsen Revendikationen erlédecht. A wann ech soen e gro'ssen Punkt dann ass et och nach doriwer eraus den allere'scht Punkt vun onsen sämtlechen Revendikationen d'ass ~~Unerkennung~~ Zospréchoung vum Tittel "Morts pour la Patrie" fir all ons gefâle Komeroden. Wann mir dât haut erréchtt hun dann ass et Dank dém énergeschen Virgoen vum fre'ren Ministre Grégoire. Aus dénen Ursachen huet onse Féderationskomité an senger Setzung vum 12.August décide'ert. Dem Här Minister Grégoire onse Ruban en Or des Enrôlés de Force zo' zeerkennen.

Leider ass et him absolut onme'glech haut können hei ze sinn dodurch well e gezwongen ass am Ausland ze sinn mä mir hoffen bei enger nächster Gelégenhét an kurzer Zeit him onse Ruban können ze iwerréchen.

Mir hun awer och nach weider gro'ss Frenn och am Ausland. Frenn de' sech bis haut nach wie vor fir ons Sâch matt aller Konsekuenz agesât hun, et ass enner anerem onse Frend:

den Här Georges Bourgeois, dén dir elo e'neschtes grad vru mir he'ren hut.

Den Här Bourgeois als Députe'erten an der franse'scher Chamber ass Président du Conseil Général du Haut-Rhin, an Président Départemental du Groupement de l'Association

des Evadés et Incorporés de Force du Haut-Rhin.

An sengen he'scht gestalltenen Plâtzen huet hien ni gezöckt fir d'Rechter vun den Zwangsrekrute'erten ze prokla-me'ren an sech matt sengem ganze Gewicht anzesetzen dass hir Problémer gele'st ginn. Dir wösst och alleguer mit konnten hien nach alle Joer op onser Journée Commémorative hei begre'ssen. An och als Président vun der franse'scher Delegation an onser internationaler Féderation ~~huet~~ entfalt hien eng gro'ss Aktivite't ~~empfang~~. Et ass fir wât onse Komité décide'ert huet vun deser Gelégénhét ze profite'eren fir och dem Här Bourgeois den Ruban en Or des Enrôlés de Force zo' ze erkennen.

Monsieur le Président, Cher Ami,

Comme nous vous l'avons annoncé par notre lettre du 17 crt, notre Comité National a décidé dans sa séance du 12 août de vous honnorer par l'attribution du Ruban en Or des Enrôlés de Force.

Par ce geste notre Fédération veut exprimer au nom de tous les enrôlés de force, leurs parents et amis, la grande reconnaissance envers son ami français pour son dévouement dans la défense de notre cause commune. Le temps ne me le permet pas de retracer ici toutes les étappes que vous avez parcourues jusqu'à ce jour pour les enrôlés de et avec les enrôlés. Nous savons que là où il était questio d'enrôlés Monsieur Georges Bourgeois était présent.

Veuillez donc accepter ce ruban en signe de recon-naissance des enrôlés de force luxembourgeois.

E weidere Komerâd dén mir letzeburger Zwangsrekru-te'erten ébenfalls zu Dank verpflichtet sinn ass den Conseiller Juridique vun onser internationaler Féderation

den Här Georges Nonnenmacher. Hien ass dén beruffenen Jurist matt den:
Premier prix de droits international privé, an diplomé de l'académie de droits internationale de La Haye e richtege Mann fir ons Intérêen op juristieschem Gebiet an op internationalem Plang ze verdéteschen. Hien huet an enger bâl 3 Joerlang dauernder Arbecht, iwer 2000 Dokumenter dé am Zusammenhang matt der Zwangsrekrutierung sinn stude'ert an virun engem Mo'nt onsen internationalen Mémoire ferdeg gestallt. Matt deser Arbecht hölleft hien ons e weidere Schrack virun op der Réalisation vun onse Problémer an mir sinn iwerzécht datt mir nach wie vor op seng Höllef ziele können. Aus desen Ursachen huet och onsen NationalKomité décide"ert him onsen Dank auszespriechen an der Zo'erkennung vum Ruban en Or des Enrôlés de Force.

Monsieur le Conseiller; Cher Ami,

Par notre lettre du 17 août notre Comité National vous informait qu'il avait décidé dans sa séance du 12 août de vous honnorer par l'attribution du Ruban en Or des enrôlés de force.

Par ce geste notre Fédération veut exprimer au nom de tous les enrôlés de force leurs parents et amis la grande reconnaissance envers vous pour votre dévouement et pour votre travail inlassable dans la réalisation des problèmes des enrôlés de force et surtout sur le plan juridique

Veuillez donc accepter cher Ami ce ruban en signe de reconnaissance des enrôlés de force luxembourgeois

An onsem Land hun mir nach en Numm dén fest verbonnen ass matt onse Jongen aus dem leschte Krich. An

wann mir Jongen soen dann ass dât Wuert Mutile'ert leider eso ganz no derbei. An wann mir Mutile'ert soen dann gét et dach oni den Numm Schroeder gleichzeiteg derbei ze nennen. Den Här Dr.Schroeder. Konsequent we' hien am Krich zu den Zwangsrekrute'erten stung eso' stung och gleich no der Liberation zu den ärmsten vun hinnen, zu dénen dénen hir Gesondhét stark ugeschloen wor. A während mir alleguerten nach an der Fréd vun der Liberationsfeieren stungen an ons offiziell stellen iwerhâpt de Problém den neie Problém vun den Mutile'erten net kannt hun, hat hien schons erkannt dass do misst gehollef ginn an hien huet och einsatzfrédeg we' hien nun émol ass direkt zo gegraff an gehollef. Et ge'f och hei vill ze vill lang daueren wann ech all de' Arbecht an Beme'hungen vum Här Dr.Schroeder ge'f opzielen. Erlâbt mir nömmen zwé Nimm ze nennen Reins a Swipp a schon wéss jidderéen em wât et sech dre't, schon wés jidderén dass et net nömmen vun ongefe'er ass dass den Ausdrock Papp vun den Mutile'erten fir onsen Dokter geprägt ginn ass.

Här Dr.Schroeder, als Dank vun allen Zwangsrekrute'erten iwerrécht ons Féderation iech haut den Ruban en Or des Enrôlés de Force. Mir wössen dass dir nie bestriewt wart fir fir am Rampelicht ze stoen mä mir kommen awer och net ömhin iech eng we'nestens an aller Oeffentlechkét merci ze soen fir alles wat dir bis haut fir d'Zwangsrekrute'erten gemâcht huet an mir sinn iwerzécht dass mir nach wie vor op iech ziele können an dass dir ons nach wie vor matt Rôt an Dôt zur Seit stitt.

Dir Dammen an Dir Hären,

Mir hun haut 4 Leit öffentlech hei onsen Dank ausgesprach. Sie hun et nie verlângt an sie hun sech och

nie fir ons agesât matt dem Ziel fir zu desem Dank za kommen. Mä et ass nun émol eng Verpflichtung de' ons Fédération huet an et ass firwât mir och décide'ert hun bei Gelégenhéten we' zum Beispill vun onser jährlecher Journée Comméprative öffentlech déne Leite merci ze soen onse Frenn onse Verfechter vun onser Cause an mir hoffen dass mir d'Gelégenhét hun an nächster Zukunft weideren gudde Letzeburger onse Ruban en Or des enrôlés de force zo' ze spriechen. Et ass dest nömmen en klenge merci dén et erme'glecht onsen Dank auszespriechen. Mä dén sche'nste Merci an dât gre'sst wât!mir hun ass dât hellegt Undenken un all ons Komeroden de' net me' erem kommen sinn. Et ass dât wat an onsne Hierzer ömmer erem muss uewe bleiwen d'E'ereung vun onse Komeroden de' hirt Liewen fir d'Hémecht ginn hun.

Le'w Komeroden, de' dir d'Chance net hât ons Hémecht erem ze gesinn, begruewen hei an onsem Hémechts-buedem oder dobaussen an russescher Stepp oder an afrika-neschem Sand mit stinn haut hei fir ärer ze gedenken. Mir stinn hei fir iech ze beweisen, fir onsem Land ze beweisen an der Ganzer Welt, dass mir iech net vergiesse hun an mir ruffen iech zo', mir vergiessen iech nie.

Mir verneigen ons dé'f firun ärem Affer an denken matt Respekt a Bewonnerung un är Haltung am Krich zreck. Are Kierper ass net me' bei ons, mä äre Géscht ass enner ons an et ass äre freie letzeburger Géscht dén ons erem op d'Bén geruff huet, dén ons erem zesumme geschmolz huet we' et versicht ass ginn un den Zwangsrekrute'erten hirem Affer ze zweifelen, we' et versicht ass ginn hir E'er zu besuddelen.

Mir schwieren iech haut op eneitz dass mir nie zo'lossen dass onst Letzeburger Land an eng Bunn gelét gött an déer dir keng E'replätz anhuelt. Mir lossen net zo' dass dât Land fir dât dir ärt Liewen ginn hut durch Gesetzer rege'ert get an dénen är Affer verkannt ginn, an mir veruechten de', de' sech ärer mengen missten ze schummen. Mir stinn zu iech, geschter, haut muer an emmer, är E'er ass ons E'er, a mir schummen ons net, virun aller Welt ze behâpten dass dir am Krich är Pflicht vis à vis vun onser Hémecht voll a ganz erföllt hut, an mir verlângen e'erlech respektvoll a gesetzlech d'Unerkennung vun ärer Haltung durch onse Staat a vun alle Nationen.

An wann mir haut d'Hand zum Schwuer erhiewen dann ass et well mir als eng Generation vun Letzeburger an onser Jugend gele'ert hun, matt onsen Elteren, Geschwester, Familgen a Frenn wât dât Wuert Hémecht héscht, wât et héscht fir seng Hémecht ze leiden an ze bludden a wât et Héscht e Kand, e Mann, e Brudder oder Komerod ze hun dén fir d'Hémecht sein Liewen geloss huet. Onst Land muss verstoen dass mir net könne liewen an engem Letzeburg dât seng bescht verkênnt an dât rege'ert gött durch Gesetzer a Verträg de' net kloer an deitlech d'Haltung an d'Affer vun den Zwangsrekrute'erten unerkennt.

Le'w Komeroden! schloft ro'eg. Mir hun zesummen matt iech gelidden, gekrasch, gebied a gebludd a mir stinn och haut nach zu iech. Ärt Undenken gét ons iwer alles a mir verspriechen iech dass mir suergen dass ären Affer net emsoss war. Dass äre Géscht gee'ert an e'erlech unerkannt an engem freie Letzeburg kann sech wuell fillen.